1-2020-O-J-6147-01 (n° 3372)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Projet 7666 Budget
& Projet 7667

Lëtzebuerg, den 16/12/2020

15

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- dass d'Regierung an hirem Koalitiounsaccord festgehalen huet, dass: "De plus, le contenu des sites officiels des administrations publiques sera rendu accessible à tous les citoyens, en le présentant notamment en plusieurs langues, ainsi qu'en langage facile. Les services en ligne des différentes administrations seront conçus de manière à être compréhensibles et faciles à utiliser pour tous les citoyens" an an dësem Sënn och de Site budget.public.lu opgestallt huet;
- dass d'Organes consultatifs des pouvoirs publics zu all Budget een Avis ofginn an dësen ënnert anerem un d'Chambre des Députés schécken;
- dass och aner Organer an Organisatiounen ewéi zum Beispill d'Lëtzebuergesch Zentralbank een Avis zum Budget kënnen ofginn;
- dass dës Avisen ee wichtegt Instrument sinn, fir d'Deputéiert esou gutt ewéi méiglech iwwert all d'Aspekter vum Budget z'informéieren;
- dass dës Avisen och kënnen den intresséierte Bierger, deen de Budget op verständlech Aart a Weis op budget.public.lu presentéiert kritt, iwwert all dës Aspekter informéieren.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. d'Avise vun de verschidden Organer, déi um Site vun der Chambre des Députés publizéiert ginn, och um Site budget.public.lu vum Finanzministère ze veröffentlechen.

Sven CLEMENT

Marc Goergen